ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Här Mars Di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 25. Januar 2016

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Wirtschaftsminister weiderzeleeden.

D'Gesetz vum 18. Februar 2015 iwwer d'Organisatioun vum Maart fir Pëtrolsprodukter gesäit ënner anerem vir, datt eng national Agence fir de Stockage vu Pëtrolsprodukter als „établissement public" geschaf soll ginn. Groussherzoglech Reglementer (Art. 6, Art. 8, Art. 40, ...) sollen Detailer festleeën, z.B. wéi d'Firmaen, déi dës Produkter importéieren, hir Stocke verwalten oder wéi en Undeel vun de Produkter bei der nationaler Agence ugeluecht gëtt.

D'Agence fir de Stockage vu Pëtrolsprodukter soll wesentlech dozou bäidroen, datt Lëtzebuerg sengen internationale Verflichtunge ka no kommen, wat déi strategesch Reserve vu Pëtrolsprodukter ubelaangt. D'Ëmsetzung vum Gesetz ass och wichteg, fir d'Modernisatioun vun den Installatioune wou dëse Stockage stattfënnt, dëst fir den Ëmweltschutz an d'Sécherheet vun de Leit déi no bei deenen eeleren Installatioune wunnen (z.B. an de Gemenge Bartreng a Mäertert).

Um Spaweck, op der Säit vun der Tresorerie vum Staat, steet aktuell de „Capital souscrit" vum Staat bei der nationaler Agence fir de Stockage vu Pëtrolsprodukter als „pour mémoire".

Dowéinst wéilt ech dem Här Wirtschaftsminister dës Froe stellen:

1) *Wou sinn déi groussherzoglech Reglementer, déi am Gesetz virgesi sinn, drun?*
2) *Ass déi national Agence fir de Stockage vu Pëtrolsprodukter schonns constituéiert? Wa neen, wou ass dësen Dossier drun?*
3) *Si schonns d'Site eraus gesicht, wou nei, modern a sécher Installatioune geschaf ginn, fir de Stockage vu Pëtrolsprodukter? Wa jo, wou, a wou sinn d'Virbereedungsaarbechten drun? Wa neen, wéini ginn dës Aarbechten un?*
4) *Kënnt Lëtzebuerg aktuell sengen internationale Verflichtungen no, wat déi strategesch Reserven ubelaangt?*
5) *Wéini stellt den Här Minister de Joeresrapport vir, deen am Artikel 38 vum Gesetz virgesinn ass?*

Mat déiwem Respekt

Fernand Kartheiser

Deputéierten